

newsmag

 **GEMENG
SCHËFFLENG**

N 279 | NOVEMBER 2024

Zweesproochege Buet | Bulletin bilingue



Index

Eis Gemeng. Notre Commune.

Awunner | Habitants | 11.576

Gesamtfläch | Superficie | 771 Ha

Personal | Personnel | 279

Fraen | Femmes | 161

Männer | Hommes | 131



Éditeur responsable

Gemeng Schöffleng



Rédaction

Service des citoyens et de la communication



Images et Illustrations

SCC, Tom di Maggio, Daniel Fragoso



Layout, Conception

MOSKITO



Impression

Imprimerie Heintz



Tirage

5.000 exemplaires

Virwuert vum Buergermeeschter Le mot du bourgmestre	04
--	-----------

Retrospektiv Rétrospective	06
-------------------------------------	-----------

Akademesch Sëtzung Séance Académique	07
Schëfflenger Fest	08
Jugendfestival Forum des jeunes Metzschmelz	10
Schiff lange goes EM	12
Austellung Exposition : Pit David	13
Fotoaustellung Exposition de photos : 125 ^{ème} de Seconde	14
Open Air Kino Cinéma en plein air	15
Streikgedenkfeier Cérémonie de la grève générale	16
Re-cycle Planet	18
Škoda Tour de Luxembourg	19
Sk8ing Girls	20

Neiegkeeten Nouveautés	22
---------------------------------	-----------

Wusst Dir schonn...? Saviez-vous...?	23
Méi Natur an eise Schoulhäff Plus de nature dans les cours d'école	24
Bildungslandschaft Paysage éducatif	26
Zesummeliewen Vivre-ensemble	28
Fairtrade concours	29
Neit Parkkonzept Nouveau règlement de parking résidentiel	30

Save the date	32
----------------------	-----------

Save the Date Club Haus beim Kiosk	34
------------------------------------	----

Verschiddenes Divers	36
-------------------------------	-----------

Youth - Rubrik Jugend	37
Info	43
Service de l'urbanisme et du développement durable (SUDD) - Plan d'aménagement particulier (PAP)	51

Gemengerotssëtzungen Réunions du conseil communal	53
--	-----------



Paul Weimerskirch

Buergermeeschter | Bourgmestre

LU — Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Mir sti kuerz virun de Feierdeeg vun den Dezember-wochen. Et ass sécherlech e bësse fréi fir vum vergaangene Joer een ofschléissende Bilan ze maachen. Trotzdeem wollte mir vum Schaffen- a Gemengerot mat dësem Newsmag, de leschte vun dësem Joer, lech alleguer eng besënnelech a flott Adventszäit an e gléckleche gesonde Sprong eriwuer an dat Neit Joer wënschen.

Villes a Schëffleng ass um Rullen: d'Parkhaus am Zentrum ass um Punkt fäerdeg ze ginn, déi grouss Baute betreffend den Ëmbau an den Neibau vun de Schoulgebaier sinn um Wee an déi final Etappen, nei an zousätzlech Potentialitéite fir e verbesserte Service vun der Maison Relais sinn deemno méiglech, nei Raimlechkeete fir eisen Office Social sollen Ufank 2025 hir Dieren opmaachen, d'Renovéierung vun der Bestgens Millen ass amgang a munch anere Projet steet op der Schinn, notamment de Bau vun engem neie Centre fir eis Police ...

Et sinn allerdéngs net déi grouss Bauten an Infrastrukturen eleng, déi eng Gemeng auszeechnen ... dat Wichtigst am Liewe vun enger Communautéit ass de Mateneen eens ginn. Eis Gemeng mat hire bal 12.000 Awunner aus iwwer honnert verschidden Nationalitéiten, Kulturen a Reliounen ass e gutt Beispill vun harmonesche "Vivre-ensemble".

Eise Merci geet un all déi, déi sech ëm de Matenee këmmere an beméien; dat si ë.a. déi Responsabel an de Veräiner, dat sinn eis Mataarbechter op der Gemeng, dat sinn eis Educateuren an eist Léierpersonal a vill aner, déi ouni Gedeessesems fir eng solidaresch, convivial Communautéit schaffen an ënner Wee sinn.

Schëffleng steet fir Solidaritéit no bannen a no baussen. Wichtig Akzenter setzen hei nieft de ville Fräiwëllegen, eis Schëffleng Hëllef asbl an eise Fairtrade Team, déi op hir eegen Aart a Weis eng wichtig kommunal Entwécklungshëllef assurieren. Mir soe Merci mat Respekt an Unerkennung. Eng nei Aktioun ass d'Kooperatioun vun der Gemeng mat der SOS Faim ONG, déi am fréieren Entenichhaus Mëtt November d'Ouverture vun der Maison Teranga gefeiert huet.

Schëffleng steet och fir Nohaltegkeet, fir Natur- an Ëmweltschutz. Net einfach esou gëtt eis Gemeng eng weider Kéier Enn November zu Bozen a Südtirol als Klimaschutzgemeng mat der Goldmedail ausgezeichnet. Eis Aktiounen, wou mir op d'Hëllef, den Engagement an de Versteesdemech vun eise Matbierger ziele kënnen, gräfen am Beräich vum Energiespueren, vum nohaltegen Ëmgang an der Gestiou vum Offall, mam Waasser a mat der Natur zum Schutz vun der Biodiversitéit. Och d'Renaturéierung vun der Uelzecht dréit seng Früichten.

Schëffleng steet och fir een aktiivt Kulturleewen. Eis Lokalveräiner sinn dobäi eng wichtig Stäip. Allerdéngs och d'Initiative vun eisem Konschthaus, d'Uleeë vu pädagogeschen an historiesch wäertvollen Trëppeltier an aner Kulturinitiativen ënnersträchen dat.

Ofschléissend soe mir allen Awunner vu Schëffleng Merci fir e flott Zesummeliewen. Fir dat Neit Joer wënsche mir all Guddes, Gléck a Gesondheet.

FR — Chers/chères concitoyen·nes,

Nous sommes à l'approche des fêtes de fin d'année. Il est certainement encore un peu tôt pour dresser un bilan de l'année écoulée. Néanmoins, nous souhaitons vous adresser à tous et à toutes, avec ce dernier bulletin pour 2024, nos vœux pour un temps de l'avent serein et agréable, ainsi qu'un bon et sain début d'année.

La ville de Schiffflange est en mouvement : le parking au centre-ville est sur le point d'être achevé, les grands bâtiments autour de la transformation et de la construction des bâtiments scolaires sont en phase finale, de nouvelles possibilités d'amélioration du service de la Maison Relais sont donc possibles, de nouveaux locaux pour notre Office Social devraient ouvrir leurs portes début 2025, la rénovation du moulin Bestgen est en cours et de nombreux autres projets sont sur la bonne voie, notamment la construction d'un nouveau centre pour notre police...

Cependant, ce ne sont pas seulement les grands bâtiments et infrastructures qui caractérisent une communauté. Ce qui est le plus important dans la vie d'une communauté, c'est l'entente mutuelle. Notre commune, avec près de 12 000 habitant·es regroupant plus de cent nationalités, cultures et religions différentes, est un bon exemple du « vivre-ensemble » harmonieux.

Nous remercions tous ceux et toutes celles qui s'occupent et s'engagent pour le vivre-ensemble. Ce sont notamment les responsables des associations, nos employé·es de la commune, nos éducateurs·rices et notre personnel enseignant, ainsi que de nombreux·ses autres qui s'investissent sans relâche pour une communauté solidaire et conviviale.

Schiffflange représente la solidarité à l'intérieur et à l'extérieur. En plus des nombreux·ses bénévoles, notre asbl Schëffleng Hëllef et notre équipe Fairtrade sont des points forts importants qui contribuent à un soutien au développement communal essentiel. Nous leur disons merci avec respect et appréciation. Une nouvelle action est la collaboration de la commune avec l'ONG SOS Faim, qui a célébré à la mi-novembre l'ouverture de la Maison Teranga dans l'ancienne maison Entenich.

Schiffflange représente également la durabilité, ainsi que la protection de la nature et de l'environnement. Ce n'est pas anodin que notre commune ait été à nouveau récompensée fin novembre à Bolzano en Tyrol du Sud avec la médaille d'or en tant que commune protectrice du climat. Nos actions, où nous pouvons compter sur l'aide, l'engagement et la compréhension de nos concitoyen·nes, portent sur l'économie d'énergie, la gestion durable des déchets, de l'eau et de la nature pour protéger la biodiversité. La renaturation de l'Alzette porte également ses fruits.

Schiffflange représente aussi une vie culturelle active. Nos associations locales en sont une partie importante. L'initiative de notre maison d'art, les sentiers pédagogiques et historiquement précieux ainsi que d'autres initiatives culturelles le soulignent.

Enfin, nous souhaitons remercier tous les habitant·es de Schiffflange pour une belle coexistence. Pour la nouvelle année, nous souhaitons à toutes et à tous beaucoup de bonheur, de joie et de santé.



Retro-spektiv

LU — Mir begréissen den Hierscht a blécken zeréck op vill flott Evenementer déi eis Gemeng déi lescht Méint erliewe konnt.

FR — Alors que l'automne s'est installé doucement, cette rétrospective est le moment idéal pour se remémorer les moments forts qui ont animé notre commune ces derniers mois. Ensemble, célébrons les instants qui ont embelli notre vie locale.





20.06.2024

Akademesch Sëtzung

Séance académique



Nationalfeierdag

Fête nationale



LU Am Kader vum Nationalfeierdag huet d'Gemeng Schëffleng den 20. Juni 2024 hir traditionell akademesch Sëtzung organiséiert. De Paul Weimerskirch, Buergermeeschter, huet ënnerstrach wéi wichteg et ass d'Eenheet an d'Solidaritéit vu Lëtzebuerg ze feieren, an huet och un déi vergaange Kämpf fir Friden a sozial Gerechtegkeet, souwéi un den Engagement fir eng Zukunft vu Fräiheet an Onofhängegkeet an der Europäescher Unioun erënnert. D'Gemeng Schëffleng huet den Dag virun der Séance académique de Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen ënnerschriwwen a passend dozou war de Motto vum Owend „Multikulturellt Schëffleng“.

FR Le 20 juin 2024, la Commune de Schiffange a organisé sa traditionnelle séance académique à l'occasion de la Fête nationale. Cette séance a permis de mettre en avant l'unité, la solidarité et la multiculturalité de la Commune de Schiffange. Des membres de la commune ont été honorés et la soirée a été enrichie par des interventions marquantes. Paul Weimerskirch, bourgmestre, a souligné l'importance de célébrer l'unité et la solidarité du Luxembourg, tout en rappelant les luttes passées pour la paix, la justice sociale et la liberté, ainsi que l'engagement pour un avenir de liberté et d'indépendance au sein de l'Union européenne.


Schöfflenger Fest 2024



21. & 22.06.2024

LU—Am Kader vum Nationalfeierdag ass d'Schöfflenger Fest ee feste Rendez-vous am Kalenner vun eiser Gemeng. Déi 19. Editioun hat während deenen 2 Deeg vill ze bidden: 16 musikaesch an artistesch Optrëtter esou wei 16 Stänn vun eise lokalen Associatiounen.

FR—Dans le cadre de la Fête nationale, le «Schöfflenger Fest» est un rendez-vous fixe dans le calendrier annuel de notre commune. Cette 19^e édition avait beaucoup à offrir pendant ces 2 jours : 16 performances musicales et artistiques ainsi que 16 stands de nos associations locales.





05.07.2024

Jugendfestival & Forum des Jeunes Metzschmelz



FR — Le 5 juillet 2024, 140 élèves de sept lycées ont eu l'occasion d'explorer le site de la Metzschmelz, de découvrir son histoire industrielle, son utilisation actuelle et de se projeter dans le futur de ce site. Ce forum leur a permis de rencontrer des acteurs actifs sur le site et de participer à plusieurs ateliers d'art avec notamment des objets trouvés.

LU — De 5. Juli 2024 haten 140 Schüler aus siwe Lycéeën d'Méiglechkeet de Site Metzschmelz, seng Industriegeschicht a seng aktuell Notzung z'entdecken. Dat huet hinnen erlaabt sech an d'Zukunft vun dësem Site ze projézieren. Während dem Forum konnten si bei aktive Spiller a Konschtateliere matmaachen.



L'objectif de ce forum était de redonner vie au site, de transmettre des informations sur les futurs projets et d'impliquer les jeunes afin de prendre en compte leurs besoins et leurs idées.

D'Zil vun dësem Forum war et de Site erëm an d'Liewen ze bréngen, Informatiounen iwwer zukünfteg Projeten ze vermëttelen an déi Jonk matschwätzen ze loossen, fir hir Besoinen an Iddien ze berücksichtegen.





JUGEND
FORUM
METZESCHMELZ 2024
DES JEUNES
DOCUMENTATION

EN COLLABORATION AVEC
LA VILLE D'ESCH-SUR-ALZETTE
ET LA COMMUNE DE SCHIFFLANGE

AGORA
SUSTAINABLE URBANITY



06.07.2024

Schiffflange goes EM

LU — Samschdeg, 6. Juli 2024 – D'Jugendkommissioun huet ënnert dem Motto „Schiffflange goes EM“ op hir 1. Editioun vum Jugendcafé invitéiert an der Buvette Drëtt Halbzeit.

Dëst Evenement huet direkt e puer Generatiounen vu jonk bis manner jonk zesumme bruecht an huet hinnen erlaabt d'Fussballsmatcher vun der UEFA EURO 2024 zesummen ze kucken, FIFA ze spillen oder souguer hir Topps Stickeren auszetauschen.



FR — Samedi, 6 juillet 2024 – La Commission des jeunes a invité à sa 1^{ère} édition du café des jeunes sous le thème de «Schiffflange goes EM» à la buvette Drëtt Halbzeit.

Cet événement a rassemblé plusieurs générations, allant des plus jeunes aux moins jeunes, et leur a permis de regarder ensemble les matchs de foot de l'UEFA EURO 2024, jouer à la FIFA ou encore échanger leurs stickers Topps.



Expo – They dance again



LU D'Ausstellung „They dance again“ déi an de Summerméint am Schëfflenger Kongschthaus presentéiert gouf, huet d'Wierker vun zwee talentéierte Kënschtler a Frënn, dem Pit David an dem Nico Langehegermann, gewisen. De Pit David huet mat senger Biller mat ethneschen Akzenten een Hommage un d'Hopis an hir Katsinams gemaach, an dat mat ronn drësseg Biller aus senger perséinlecher Sammlung.

D'Ausstellung hat och zwou grouss Serie vu Biller op Schifer, déi eng gräifbar artistesch Diversitéit duerchgestallt hunn. D'Biller vum Kënschtler Nico Langehegermann, e Beweegungsbegeescherten, hu mat hire Faarwen a Kombinatiounen begeeschtert.

FR L'exposition «They dance again» présentée pendant les mois d'été à la galerie d'art Schëfflenger Kongschthaus a fait découvrir les œuvres de deux artistes talentueux et amis, Pit David et Nico Langehegermann. Pit David, avec ses peintures aux accents ethniques et tribaux, a rendu hommage aux Hopis et à leurs Katsinams, à travers une trentaine de peintures de sa collection personnelle. L'exposition comprenait également deux grandes séries de peintures sur ardoises, offrant une diversité artistique saisissante. Les peintures de l'artiste Nico Langehegermann, un passionné de mouvement, ont excellé dans l'usage des couleurs et de leurs combinaisons.



Exposition de photos Schöfflenger Konschthaus



**Kollektivausstellung
vun de Fotografen – 125^{ème} de Seconde
vum 15. September
bis den 12. Oktober 2024**

LU — D'Ekipp vun Schöfflenger Konschthaus huet op eng Kollektivausstellung mat Wierker vun zéng Fotografen, all mat hirem eegenen Universum, hiren eegener Visioun a visueller Sprooch invitéiert.

D'Konscht vun der Fotografie spillt eng entscheidend Roll an eisem Alldag an an der Aart a Weis, wéi mir d'Welt gesinn. Si veréiwegt flüchteg Momenter, erlaabt eis Erënnerungen nei ze erliewen, Emotiounen ze fillen an eist Ëmfeld aus enger neier Perspektiv ze gesinn.

Duerch hir verschidden Aarbechte loossen d'Kënschtler eis Deel vun hirem perséinlechen Universum ginn a weisen eis e Fragment vun hiren perséinlechen Vue op d'Welt. Hir Diversitéit ass hir Stäerkt an zesummen hunn se dem Visiteur e räichen a variéierte visuelle Mosaik proposéiert.

D'Fotografen: Raymond Clement, Carlo Lecuit, Liz Lambert, Henri Goergen, Jan Guth, Mich Jacoby, Tom Faber, Pitt Becker, Michel Heisbourg, Tom Di Maggio.

FR — L'équipe de la galerie Schöfflenger Konschthaus a eu le plaisir d'accueillir l'exposition collective réunissant le travail de dix photographes, chacun avec son propre univers, sa propre vision et son propre langage visuel.

L'art de la photographie est une forme d'expression aussi diverse que puissante. Au-delà de son aspect technique, elle joue un rôle crucial dans notre vie quotidienne et dans le monde. Elle capture des instants fugaces et les immortalise, ce qui nous permet de revivre des souvenirs, de ressentir des émotions et de voir le monde sous un nouvel angle.

Chaque cliché est une fenêtre ouverte sur l'univers personnel de l'artiste, un fragment de son âme qu'il partage avec nous. Leur diversité est leur force, et ensemble, ils ont créé une mosaïque visuelle riche et variée.

Les photographes: Raymond Clement, Carlo Lecuit, Liz Lambert, Henri Goergen, Jan Guth, Mich Jacoby, Tom Faber, Pitt Becker, Michel Heisbourg, Tom Di Maggio.

Open Air Kino

Cinéma en plein air

23.08.2024



LU — Och dëst Joer huet d'Gemeng Schëffleng hir Biergerinne vun all Alter op hiren Open Air Kino um Fussballsterrain Nr 1 invitéiert. Während dësem Owend konnte Kanner, Jugendlecher an hir Elteren de Film „Ich – Einfach unvergesslich 4“ zesumme kucken. De Film vum 2. Dag huet leider misste wéinst de Wiederkonditiounen ofgesot ginn.

FR — Cette année encore, la Commune de Schiffange a invité ses citoyen-ne-s de tous les âges à son Open Air Kino au terrain de foot nr 1. Lors de cette soirée, les enfants, les jeunes et leurs parents ont pu visionner ensemble le film «Ich – Einfach unvergesslich 4». Le film du 2^e jour a dû être annulé dû aux conditions météorologiques.



Streikgedenkfeier

Cérémonie de la grève générale

31.08.2024

LU Den 31. August 2024 huet de Schäff- a Gemengerot vun der Gemeng Schëffleng op den 82. Gebuertsdag vun der Streikgedenkfeier invitéiert fir den Affair vum Generalstreik vun 1942 ze gedenken. D'Feierlechkeeten hunn a Presenz vum Minister Mischo, ancien Buergermeeschter vun der Staat Esch, Vertrieder vun der Ligue Luxembourgeoise des Prisonniers et Déportés politiques (LPPD), den Enrôlés de force, dem Syndicat d'Initiatives et de Tourisme (S.I.T), de Gewerkschaften a Veräiner, esou wéi dem Musée de la Sidérurgie „De Schmelzaarbechter“ stattfonnt.

Mat der Kranznidderleeung zu Esch/Uelzecht (Portal Lalleng) hunn d'Festivitéiten zesumme mat der Staat Esch an ënnert der Regie vun der Amicale Schmelzaarbechter-Musée ronderëm de Président Alain Günther den Ufank gemaach.



Dono ass et bei beschtem Wieder virum Monument am Park Léonie Koullen zu Schëffleng weidergaangen, a genau ewéi virun 82 Joer, wou d'Aarbechter zum Streik opgeruff gi sinn, ass um Punkt 18:00 Auer d'Sireen gaangen. A senger Usprooch betount de Buergermeeschter Paul Weimerskirch dat ni soll vergiess gi wat geschitt ass an dat een déi Leit éiere soll déi sech fir Fridden a Gerechtegkeet staark gemaach hunn. Nächst op dëser Welt ass selbsterständlech, scho guer net de Fridden an d'Gerechtegkeet.



FR Le 31 août 2024, le collège des bourgmestre et échevins, en collaboration avec le conseil communal de la Commune de Schifflange, ont commémoré le 82^e anniversaire de la grève générale de 1942. Des représentants de la Ligue Luxembourgeoise des Prisonniers et Déportés Politiques (LPPD), des Enrôlés de Force, du Syndicat d'Initiatives et de Tourisme (S.I.T), des syndicats, des associations, ainsi que du Musée de la Sidérurgie ont pris part aux festivités, en présence du Ministre Mischo, ancien bourgmestre de la ville d'Esch-sur-Alzette.

La cérémonie a débuté par un dépôt de gerbes à Esch-sur-Alzette (portail de Lallange), en partenariat avec la Ville d'Esch et sous le patronage de l'Amicale Fondateurs-Musée, présidée par Alain Günther.

Les festivités se sont poursuivies sous un soleil radieux devant le monument au parc Léonie Koullen à Schifflange, avec le déclenchement de la sirène à 18:00 heures. Le bourgmestre Paul Weimerskirch a insisté, dans son discours, sur l'importance de ne jamais oublier le passé et d'honorer ceux qui se sont battus pour la paix et la justice. Il a rappelé que rien n'est acquis dans ce monde, surtout pas la paix et la justice.




Re-Cycle Planet

LU De 17. September huet d'Inauguratioun vum neie Vëlosreparatiounsatelier vum Schëfflenger Jugendhaus, a Präsenz vun de Memberen aus dem Schëffenger a Gemengerot, stattfonnt.

Dësen Atelier wäert eemol d'Woch seng Dieren op hunn an hei kënn Dir, zesummen, mat deene Jugendlechen an hiren Educateuren Äre Vëlo reparéiere loossen. Dësen Atelier steet ganz am Sënn vun der Nohaltegkeet an huet zum Zil d'Liewensdauer vun de Vëloen ze verlängeren an eng méi ëmweltfrëndlech Approche ze encouragéieren.

Fir méi Informatiounen iwwert de Re-Cycle Planet, kënn dir lech mam Schëfflenger Jugendhaus (+352 26 53 08 50) a Kontakt setzen.



17.09.2024



FR Le 17 septembre, la Maison des jeunes de Schifflange a inauguré son nouvel atelier de réparation de vélos, en présence des membres du conseil communal.

Cet espace sera ouvert une fois par semaine et vous permettra de réparer votre vélo avec l'aide des jeunes et de leurs éducateurs. L'atelier s'inscrit dans une démarche de durabilité visant à prolonger la vie des vélos et à encourager des pratiques plus respectueuses de l'environnement.

Pour plus d'informations, veuillez contacter la Maison des jeunes au +352 26 53 08 50.

Škoda Tour de Luxembourg

19.09.2024




LU—D'Arrivée vun der zweeter Etapp vum Škoda Tour de Luxembourg huet op en Neits an eiser Gemeng stattfonnt an d'Schëfflenger Vëlofans begeschtert. De Mads Pedersen (Lidl-Trek) huet déi zweet Etapp vum Škoda Tour de Luxembourg gewonnen. No 155 Kilometer tëscht Jonglënster a Schëffleng huet hien sech virum Generalklassement Leader Mathieu van der Poel (Alpecin-Deceuninck) a Robin Froidevaux (Tudor Pro Cycling Team) duerchgesat. De Christophe Laporte (Team Visma – Lease a Bike) gouf 4.




FR—Mads Pedersen (Lidl-Trek) a remporté la deuxième étape du Škoda Tour de Luxembourg. Après 155 km entre Junglinster et Schiffange, il s'est imposé devant le leader du classement général Mathieu van der Poel (Alpecin-Deceuninck) et Robin Froidevaux (Tudor Pro Cycling Team). Christophe Laporte (Team Visma – Lease a Bike) a terminé quatrième.

D'Gemeng Schëffleng felicitéiert all de Coureure fir hir Performance.

La Commune de Schiffange a été ravie d'accueillir à nouveau une arrivée d'étape du Škoda Tour de Luxembourg et souhaite féliciter tous les coureurs pour leurs performances.





Sk8ing Girls

28.09.2024



LU—Den 28. September 2024 hu mir eng weider Editioun vum Sk8ing Girls gefeiert – déi 6. fir genau ze sinn.

Dëst Event ass eng Zesummenaarbecht vun der Schëfflenger Gemeng mat der Stad Esch a mam Support vun der Gemeng Käl/Téiteng an de Jugendhaiser vu Schëffleng, Déifferdeng an Diddeleng.

De Kader vum internationale Meederchersdag gëtt säit e puer Joer genotzt, fir d'Skateboarden, d'Longboarden a

weider Streetsportarten a Streetart-Kënscht bei de Meedercher méi bekannt ze maachen an ze weisen, dass dëst net just e renge Jongen- a Männerdomaine ass. Et ass awer och en Dag fir déi ganz Famill. Jongen ewéi Meedercher, Kleng ewéi Grouss, Jonk ewéi manner Jonk: jidderee konnt sech an deene verschiddenen Ateliere sportlech a kënschtleresch ausprobéieren, sech bei de Caterings-Stänn vun de Jugendhaiser aus dem Süde verwinne loossen a vun där gudder Stëmmung profitéieren.

Och d'Memberen aus dem Schëfflenger Gemengerot an aus de Kommissiounen fir Sport- a Fräizäit, Kultur, Bierger, Chancëgläichheet a Jugend hunn sech et net huele gelooss fir laanscht ze kommen a matzemaachen.

E grousser Merci u jiddereen, deem um Sk8ing Girls bedeelegt war – egal ënner wéi enger Form.

Dir konnt net dobäi sinn? Dann hat Dir Chance, d'Asbl AMCIS huet e klengen Reportage iwwert dës flotten Dag gedréint.



Video Reportage
Reportage vidéo

FR — Le 28 septembre 2024, nous avons célébré une nouvelle édition du Sk8ing Girls, la 6e pour être exact.

Cet événement est une collaboration de la Commune de Schiffflange avec la Ville d'Esch et avec le soutien de la Commune de Kayl/Tétange et des Maisons des jeunes de Schiffflange, de Differdange et de Dudelange.

Le cadre de la Journée internationale des filles est utilisé depuis plusieurs années pour rendre le skateboard, le longboard et d'autres sports de rue et d'art de rue plus populaires auprès des filles et de leur montrer que ce n'est pas seulement un domaine réservé aux garçons et aux hommes.



C'est aussi une journée pour toute la famille. Garçons et filles, petits et grands, jeunes et moins jeunes : chacun a pu s'essayer aux activités sportives et artistiques dans les différents ateliers, se laisser chouchouter aux stands de restauration des Maisons des jeunes du sud et profiter de la bonne ambiance.

Même les membres du conseil communal de Schiffflange ainsi que des commissions du sport et des loisirs, de la culture, de l'égalité des chances, des citoyens et de la jeunesse n'ont pas hésité à participer. Un grand merci à tous ceux qui se sont impliqués dans Sk8ing Girls, quelle que soit la forme. Ci-dessous, vous trouverez un aperçu de cette édition.

Vous n'avez pas pu participer à cette édition ? Scannez le code QR sur la page précédente et retrouvez les meilleurs moments de cette journée à travers le reportage de l'asbl AMCIS.







Neieg- keeten

LU — Är exklusiv Informationsquell iwwert déi lescht Entwécklungen an eiser Gemeng. Mir halen lech au courant iwwert déi rezent Chantieren zu Schëffleng. Informatiounen, déi e wichtege Lien mat eiser Gemeng hunn, fannt Dir hei.

FR — Votre source d'informations exclusive sur les développements les plus récents au sein de notre commune. Explorez cette section pour découvrir les chantiers en cours, ainsi que d'autres informations importantes liées à Schiffflange.





Wusst Dir schonn...

LU... dat d'Gemeng Schëffleng dem neie Klimapakt 2.0 bäigetrueden ass?

Dëse Pakt soll eng nohalteg a ressourceeffizient Klima- an Energiepolitik viruféieren. Schlësselziler sinn d'Reduktioun vun CO₂-Emissiounen, d'Erhéijung vun erneierbaren Energien an d'Verbesserung vun der Energieeffizienz.

D'Gemeng evaluéiert hiert Engagement duerch e Katalog vu Grondmoosnamen aus dem „European Energy Award“, deen a 64 Mesuren an a 6 Hauptberäicher opgedeelt ass. 2019 krut d'Gemeng Schëffleng fir d'Éischt de GOLD-Status ausgezeechent an huet säitdeem e Standard vu méi wéi 75% behalen.

Saviez-vous...

FR... que la Commune de Schiffange a adhéré au nouveau Pacte Climat 2.0 ?

Ce pacte vise à poursuivre une politique climatique et énergétique durable et économe en ressources. Les objectifs clés incluent la réduction des émissions de gaz à effet de serre, l'augmentation des énergies renouvelables et l'amélioration de l'efficacité énergétique.

La commune évalue son engagement à travers un catalogue de mesures de base du « European Energy Award », comprenant 64 mesures réparties en 6 domaines principaux. En 2019, la Commune de Schiffange s'est vu décerner le statut GOLD, et a depuis, maintenu un standard de plus de 75 %.



Méi Natur an eise Schoulhäff

Davantage de nature dans nos cours d'école



LU — De Projet „Méi Natur an eise Schoulhäff“ encouragéiert d'Moosname vun de Gemenge fir méi Natur um Schoulterrain ze schafen.

Den Opruff vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit hat zum Zil méi Gréngflächen an de Schoulinfrastrukturen entstoën ze loossen an esou dem Klimawandel entgéintzewierken. D'Initiative wëll méi gréng Plazen an de Gemenge kreéieren déi fir jiddereen zougänglech sinn, besonnesch fir déi Klengst. Esou sollen d'Bëtongsflächen an de Schoulhäff duerch méi Gréngflächen ersat ginn.

Der Gemeng Schëffleng hire Projet, dee vun engem Jury vun Experten a verschiddene Beräicher bewäert ginn ass, konnt sech mat engem Score vu 70/100 déi 5. Plaz sécheren.






FR— Suite à la soumission d'un projet par la Commune de Schiffflange dans le cadre de l'appel à projets « Méi Natur an eise Schoulhäff » (traduction : plus de nature dans nos cours d'école), le Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité a annoncé que le projet soumis par notre commune a été retenu pour bénéficier d'une subvention du Fonds climat et énergie.

Cet appel à projets avait pour but d'inciter les communes à s'adapter aux effets du changement climatique et à favoriser la création d'espaces verts accessibles à tous, en particulier aux jeunes et aux plus petits. L'objectif était de rendre les surfaces bétonnées des cours d'école perméables afin de pouvoir y aménager des espaces verts.

Les projets ont été évalués par un jury d'experts dans divers domaines et le projet de Schiffflange a obtenu une note de 70/100, se classant ainsi en cinquième position.



Bildungslandschaft Paysage éducatif



Lydie Schmit - Intérieur vieux bâtiment

DE Die Projekte des „Masterplans Bildungslandschaft Schöffleng“ schreiten voran, sei es bei den Arbeiten auf der Baustelle der Lydie-Schmit-Schule oder auch im Rahmen von Studien, die Teil der klassischen Prozeduren zur Umsetzung eines Bauprojekts sind oder als Entscheidungshilfe für die Verantwortlichen auf kommunaler und staatlicher Ebene dienen.

FR Les dossiers concernant le «Masterplan Bildungslandschaft Schöffleng» progressent, tant au niveau des travaux effectués sur chantier, comme à l'école Lydie Schmit, que dans le cadre d'études préalables faisant partie des procédures de mise en place d'un projet de construction ou servant d'outil d'aide à la décision des responsables communaux et étatiques.

Vergleichende Standortanalyse zur Ansiedlung einer anerkannten Europäischen Schule / EEA in Schiffingen

Im Anschluss an die Entscheidung der Gemeindeverantwortlichen, die Ansiedlung einer Sekundarschule am Standort des künftigen Stadtviertels „Am Rit“ oder am Standort „Op de Fléierchen“ zu prüfen, wurde von den technischen Abteilungen der Gemeinde sowie Vertretern des Ministeriums für Bildung, Kinder und Jugend eine vergleichende Standortanalyse durchgeführt. Anhand der festgelegten Bewertungskriterien – Mobilität, Zeitfaktor, gesetzlicher und regulatorischer Rahmen, Standort, Potenzial zur Schaffung von Synergieeffekten und weitere Kriterien – konnten beide Standorte bewertet werden. Das Endergebnis fiel eindeutig zugunsten

Analyse comparative de sites portant sur l'implantation d'une école européenne agréée / EEA à Schiffange

Suite à la décision des responsables communaux d'étudier l'implantation d'une école d'enseignement secondaire dans le futur quartier « Am Rit » ou au lieu-dit « Op de Fléierchen », une analyse comparative de sites a été menée par les Services techniques de la Commune et par les représentants du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse. Suivant les critères d'évaluation, à savoir mobilité, facteur temps, cadre légal et réglementaire, site, potentiel de création d'effets de synergie et autres critères, les deux sites ont pu être évalués. Le résultat final est clairement en faveur du lieu-dit « Op de Fléierchen », qui a obtenu un total de 150

des Standortes „Op de Fléierchen“ aus, der insgesamt 150 Punkte erhielt, im Vergleich zu den 107 Punkten für „Am Rit“. Insbesondere der Zeitfaktor war für „Op de Fléierchen“ sehr vorteilhaft, während die Mobilitätsbetrachtungen für „Am Rit“ vorteilhafter waren.

Die detaillierten Ergebnisse der vergleichenden Standortanalyse wurden zunächst dem Schöfferrat und anschließend dem Gemeinderat in Anwesenheit von Herrn Meisch, Minister für Bildung, Kinder und Jugend, vorgestellt. Daraus ergab sich die gemeinsame Entscheidung, die Machbarkeitsstudie für die Errichtung eines europäischen Gymnasiums am priorisierten Standort „Op de Fléierchen“ zügig in Angriff zu nehmen. Die Ergebnisse dieser Studie werden für das erste Quartal 2025 erwartet.

Bildungshaus op Hudelen

Vor dem Hintergrund der vorgenannten Ausführungen wird das Dossier des „Bildungshauses op-Hudelen“ derzeit sowohl aus pädagogischer als auch aus städtebaulicher Sicht hinsichtlich der erforderlichen Kapazitäten und anderer Aspekte angepasst. Die Präsentation bei den Verantwortlichen der Gemeinde sowie die Validierung des „angepassten“ Dossiers sind für Ende 2024 geplant. Danach wird der nächste Schritt folgen, nämlich die öffentliche Ausschreibung für Gruppen, die jeweils aus einem Generalunternehmer, einem Architekten und spezialisierten Planungsbüros bestehen.

Lydie-Schmit-Schule

Die Arbeiten an beiden Gebäuden schreiten gut voran. Das neue Gebäude hat inzwischen seine Holzfassade erhalten, was es nahezu fertig erscheinen lässt. Im Inneren konzentrieren sich die Arbeiten auf den Ausbau, wobei Lüftungs- und Sanitärinstallationen in vollem Gange sind und die Innenverkleidung fortschreitet.

Im alten Gebäude wurden in dem Bereich, wo im Sommer keine Decken mehr vorhanden waren, inzwischen neue Decken eingezogen. Auch Wände im Sichtmauerwerk wurden hochgezogen. Derweil werden im mittleren Gebäudeteil die Decken und Wände entfernt, um Platz für den Neuaufbau zu schaffen.

Ein weiterer Fortschritt betrifft die Planungen für den neuen Schulhof. Die Gemeinde Schiffflingen hat kürzlich für ihr Projekt im Rahmen des Wettbewerbs „Méi Natur an eise Schoulhäff“ einen Preis gewonnen. Ziel des Projekts ist es, die Schulhöfe durch die Schaffung von Grünflächen an den Klimawandel anzupassen und sie für alle Schüler:innen attraktiver zu gestalten.

points, en comparaison avec les 107 points attribués à l'emplacement «Am Rit». En particulier, le facteur temps a été très favorable pour le lieu-dit «Op de Fléierchen», alors que le volet mobilité était plus avantageux pour «Am Rit».

Les résultats détaillés de l'analyse comparative de sites ont été présentés au collège échevinal puis au conseil communal, en présence de Monsieur Meisch, Ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse. Il en est ressorti la volonté commune d'engager rapidement l'étude de faisabilité portant sur l'implantation d'un lycée européen sur le site priorisé du lieu-dit «Op de Fléierchen», dont les résultats sont attendus au cours du 1^{er} trimestre 2025.

«Bildungshaus op Hudelen»

Dans le contexte de ce qui précède, le dossier du «Bildungshaus op-Hudelen» est en cours d'adaptation, tant d'un point de vue pédagogique qu'urbanistique, des capacités requises et autres. La présentation aux responsables de la Commune et la validation du dossier «adapté» sont prévues pour fin 2024 au plus tard. Il passera ensuite à l'appel public à candidature adressé à des groupements formés d'une entreprise générale, d'un architecte et de bureaux d'études spécialisés.

École Lydie Schmit

Les travaux sur les deux bâtiments avancent bien. Le nouveau bâtiment a désormais reçu sa façade en bois, et l'échafaudage est en cours de démontage, donnant l'impression que le bâtiment est presque terminé. À l'intérieur, les travaux se concentrent sur l'aménagement, avec l'installation de la ventilation et des sanitaires, ainsi que l'avancement du revêtement intérieur.

Dans l'ancien bâtiment, des nouveaux plafonds ont été installés et des murs en briques apparentes ont également été érigés. Parallèlement, dans la partie centrale du bâtiment, les plafonds et les murs sont en train d'être enlevés pour en permettre la reconstruction.

Un autre progrès concerne la planification de la nouvelle cour de récréation. La commune de Schiffflange a récemment remporté un prix pour son projet dans le cadre du concours «Méi Natur an eise Schoulhäff». L'objectif de ce projet est d'adapter les cours d'école aux effets du changement climatique en créant des espaces verts et en les rendant plus attractifs pour tous les élèves.



Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen

Pacte communal du vivre-ensemble interculturel

LU — Mëttwoch, den 19. Juni 2024 – D’Gemeng Schëffleng huet de Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen ënnerschriwwen.

Dës Konventioun, déi säit neitstem „Gemengepakt“ genannt gëtt, soll op kommunalem Niveau d’interkulturellt Zesummeliewe fërderen. D’Gemeng spillt eng entscheidend Roll als éischte Kontaktpunkt fir Neibierger, laangfristeg Awunner a souguer Aarbechter a garantéiert deemno fir jidderen en harmonescht Zesummeliewen.

Duerch d’Ënnerschreiw vum Gemengepakt an Zesummenaarbecht mam Syndicat des Villes et Communes Luxembourgeoises (SYVICOL), verpflichten d’Gemeng Schëffleng an de Familljeministère sech fir zesummen an engem méijähregen a partizipative Prozess zesummenzeschaffen, deem sech op den Zougang zu Informatioun konzentréiert, op d’Participatioun vun allen Awunner an Aarbechter aus der Gemeng, esou wéi och de Kampf géint Rassismus an all Form vun Diskriminatioun.

FR — Mercredi, le 19 juin 2024 – La Commune de Schifflange a signé le Pacte communal du vivre-ensemble interculturel.

Cette convention, appelée le « Gemengepakt » vise à promouvoir le vivre-ensemble interculturel au niveau communal. La commune joue un rôle crucial en tant que premier point de contact pour les nouveaux arrivants, les résidents de longue date et même les personnes qui y travaillent chaque jour, garantissant ainsi un vivre-ensemble harmonieux pour tous.

En signant le Gemengepakt en collaboration avec le Syndicat des Villes et Communes Luxembourgeoises (SYVICOL), le Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l’Accueil et la Commune de Schifflange s’engagent à travailler ensemble dans un processus pluriannuel et participatif axé sur l’accès à l’information, la participation de tous les résidents et travailleurs de la commune, ainsi que la lutte contre le racisme et toute forme de discrimination.

Concours Fairtrade



LU_Fairtrade Fotosconcours zu Schëffleng!

Schéckt eis eng Foto vun lech selwer mat Äre Libling Fairtrade Produkter per Email eran, ënnerstëtzt de verantwortleche Konsum an drot esou zu enger méi gerechter Welt bäi.

D'Gewënner mat de schéinste Fotoe ginn ausgeloust, kréien (natierlech) e Fairtrade Kaddo an hunn d'Chance hir Foto am nächsten Newsmag ze gesinn.

Maacht mat bei dëser Initiativ fir eng nohalteg an ethesch Zukunft!

Schéckt eis Är schéinste Fotoe bis de 15. Februar per Email: scc@schiffflange.lu


FR_Concours photo Fairtrade à Schiffflange !

Envoyez-nous une photo de vous avec vos produits Fairtrade préférés. En participant, vous soutenez une consommation responsable et contribuez à un monde plus équitable.

